Amicale Elleng A.s.b.l.
Association sans but lucratif
Ierpeldéngerstrooss
L-5690 Elleng

F3851

Bericht uerdentlech Generalversammlung vum 14. Mäerz 2025 20h00 am Centre Martialis zu Elleng

1. Begréissung an Usprooch vum President: De Raymond Goedert mécht d'Generalversammlung op a freet sech doriwwer datt esou vill Awunner komm si fir un der Generalversammlung vun der Amicale deelzehuelen. Hien geet op déi gutt Zesummenaarbecht zwëschent der Amicale an der Duerfgemeinschaft an a lueft déi gutt Ambiance an där de Veräi fir d'Duerf a seng Awunner schaffe kann a schwätzt vun engem liewege Veräin. Fir datt de Veräi lieweg bleiwe ka mussen et Reegele (Statute) ginn awer och d'Bereetschaft fir Verantwortung ze iwwerhuelen an iwwert déi eege Grenzen erauszekucken. D'Generalversammlung ass och e Moment fir zeréckzekucken an sech ze erënneren. Villes gëtt a Fotoe festgehal, wat d'Erënnerung méi lieweg mécht. Hien huet e positive Bilan iwwert dat vergaangent Joer 2024 gezunn an drop higewisen datt d'Amicale Elleng 2027 hire 50. Jubiläum feiert. Et gëtt eng Gedenkminutt fir déi verstuerwe Membere, Mataarbechter, Awunner a Frënn vun der Amicale Elleng gemaach. Hei gëtt virun allem un de Roger Weirig, de Ferdy Dumont, den Andy Welter, de Joé Beneké un d'Sanny Welter-Schmidt, un d'Rosa Weber-Faber an un de René Trierweiler geduecht.

2. Aktivitéitsbericht: Mat Hëllef vu projezéierte Fotoe mécht de Marc Bichler den Aktivitéitsbericht vum vergaangene Joer (2024). Niewent den traditionellen Aktivitéiten wéi Quetschefest, Celsusfeier, Blummesetzen, Kiermesausstellung, Concert-Spirituell a Familljefest hunn och Entretiensaarbechten um Material (Teimeren) stattfonnt. Den Theater konnt aus organisatoresche Grënn net gespillt ginn.

3. Keessebericht: De Keessebericht gëtt vum Anne Faber virgedroen. D'Aktivitéite vum Joer 2024 hu mat engem Iwwerschoss vun 4.262,73€ ofgeschloss. D'Zuel vun de accumuléierten Iwwerschëss vun der Amicale Elleng A.s.b.l. läit bei 49.569,29€. Am Numm vun de Keesserevisoren Ralf Schermuly a Marc Beneke confirméiert de Marc eng tadellos Keesseféierung a freet d'Entlaaschtung vum Keessjee. D'Assemblée gëtt dem Keessjee an dem Comité d'Entlaaschtung fir 2024.

4. Wiel vun de Membere vum Comité: austriedend an erëmwielbar Comitésmemberen: Lydie Ney, Neckel Reuland, Tun Coelho, Magalie Lysiak, Alain Al Hindi, Elodie Formica an Nadine Esch. Mat Ausnam vum Nadine Esch ginn déi aner austriedend Comitésmemberen bestätegt. D'Nadine huet decidéiert net méi fir de Comité ze kandidéieren. De Luis Schoffen gëtt néi an de Comité opgeholl. D'Keesserevisoren Marc Beneke a Ralf Schermuly gi confirméiert. D'Cotisatioun fir d'Joer bleift bei 5€ fir Eenzelpersounen an 10€ fir de Familljebäitrag.

5. Uschléissend gëtt den Aktivitéitsprogramm, Projet a Budget 2025 virgestallt an ugeholl. En detailléierten Agenda 2025 ass virgeluecht ginn.

6. Éierungen: Follgend Comitésmembere gi geéiert: Raymond Goedert, fir 40 Joer, Gérard Bichler fir 35 Joer an den Tun Coelho fir 20 Joer.

7. Divers: Sécherheet, Verkéier zu Elleng, Entrevue mat der Gemeng: 18.3.24 - Leit aus allen Ecken vum Duerf, 9 Leit: Raymond, Tun, Gilles, Ronnyy, Adhara, Jean-Paul, Martin, Risch, Claude, Kloerstellung: Amicale -> Uleies vum Duerf matgedeelt (och an der GV), Resultat vun der Verkéiers-Analys, Vitess-Berouegung; Sécherheet am Duerf an op der Gare, eng Rei Geforepunkte do, Suivi - zesummen eng Léisung sichen, wéi Zone "30"; Zebra, Zebra sichtbar maachen, Born...

8. Usprooch vum Buergermeeschter Steve Reckel. Hie lueft d'Aktivitéite vun der Amicale Elleng. Zum Thema Verkéierssécherheet ass hien der Meenung datt d'Gemeng scho vill gemaach huet a weiderhin am Gespréich mat der Amicale an den Ellenger Leit bleiwe wëll.

9. Schlusswuert vum Vize-President: De Gérard Bichler geet kuerz op eenzel Punkte vun der Versammlung an, seet alle Leit, déi un der Versammlung deelgeholl hunn Merci fir hiert Kommen a mécht déi uerdentlech Generalversammlung 2025 zou.